Question parlementaire N° 2053 de Monsieur le Député Jacques-Yves Henckes

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
24 FEV. 2003
2053

Här Jean SPAUTZ
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Februar 2003

Här President,

esou wéi den Artikel 75 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un d'Madame Ausseminister weider ze leeden :

D'läscht Joer ass an der Groussregioun e Concours organiséiert ginn, fir e neie Numm fir d'Saar-Lor-Lux-Regioun ze fannen. Ënnert den 3000 Virschléi war awer keen den richteg a Fro koum fir den aale Numm ze ersetzen.

Um Saar-Lor-Lux-Gipfel Enn Juni soll elo den Numm „Maas-Mosel-Saar" virgeschloen an zréckbehaale ginn. Dëse Viirschlag trëfft awer net iwwerall op Zoustëmmung. Esou huet z. B. déi saarlännesch SPD séch dogéint ausgeschwaat, well de Begrëff Saar-Lor-Lux séch esou wuel an der Bevölkerung wéi och an der Wirtschaft agebiergert hätt. De Numm Saar-Lor-Lux wier liischt an all Sprooch ze iwwersetzen an et kéint een esou eng Decisioun net iwwert d'Käpp vun de Leit ewech huelen, wann déi naischt mat dem neie Numm ufänke können. Doniewend missten all d'Institutiounen an d'Firmen hiere Logo änneren wat mat vill Frais'en verbonnen ass. Zousätzlech misst eng käschtenintensiv Werbekampagne gestart ginn fir den neie Numm bekannt ze maachen.

Kann d'Madame Ausseminister mir duerfir dës Froen beäntwerten :

1. Wéi ass d'Haltung vun der lëtzebuergescher Regiirung an dëser Fro? Ënnerstëtzt d'Regiirung de Viirschlag „Maas-Mosel-Saar" oder ass se och dofir fir den aalen Numm bei ze behaalen?
2. Wéi héich war de Käschtepunkt vun dem Concours fir en neie Numm ze fannen an wéi grouss ass den Undeel vun Lëtzebuerg un dëse Frais'en?
3. Gëtt et schons Estimatiounen wéivill d'Aféieren vun engem neie Numm géing kaschten? Wéi géing do d'Bedeelegung un de Frais'en vu Lëtzebuerg ausgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Jacques-Yves HENCKES
Deputéierten

GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

MINISTÈRE D'ÉTAT
LE MINISTRE AUX
RELATIONS AVEC LE PARLEMENT

SERVICE CENTRAL DE LÉGISLATION

Personne en charge du dossier:
Sandy Poiré
☎ 478 - 2956

Luxembourg, le 28 avril 2003

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés

Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 AVR. 2003

Réf.: 2002 - 2003 / 2053 - 02

Objet: Réponse à la question parlementaire n° 2053 du 24 février 2003
de Monsieur le Député Jacques-Yves Henckes.

Monsieur le Président,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe **la réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'Etat** à la question parlementaire sous objet, concernant la nouvelle dénomination pour l'espace transfrontalier Saar-Lor-Lux.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

Le Ministre aux Relations
avec le Parlement

François Biltgen

GRAND-DUCHE DE LUXEMBOURG

MINISTERE D'ETAT

30.53.03

Luxembourg, le 25 AVR. 2003

Le Ministre aux Relations avec le Parlement **SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION**	
Reg.:	SCL:
Entré le: 25 AVR. 2003	
CE:	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

Vous avez bien voulu me faire parvenir en date du 26 mars la question parlementaire no. 2053 de Monsieur le Député Jacques-Yves Henckes concernant la nouvelle dénomination pour l'espace transfrontalier Saar-Lor-Lux.

En annexe, vous trouvez ma réponse afférente.

Vous voudrez bien continuer la présente à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Premier Ministre

Ministre d'Etat

1. Déi aktuell saarlännesch Présidence vun de politeschen Exekutiven, déi sech vum 1. Januar 2002 bis 30. Juni 2003 erstreckt, hat d'IPI (Interregional Press) gefrot, en Appel un d'Populatiounen an der Groussregioun ze maachen, fir en neien Numm ze fannen. Hie sollt historesch a geografesch Referenzen enthalen. Et konnt durchaus och en artifizielle Numm sinn. Aus den ongeféier dräidausend Äntwerte sinn an enger Préselectioun ongeféier zéng Nimm vun der IPI an der Staatskanzlei Saarbrécken zréckbehal ginn. Den 1. Dezember 2002 hu sech déi politesch Responsabel an enger informeller Réunioun getraff, fir ënnert anerem iwwert dat Thema ze schwätzen (ech selwer an de President vum Conseil régional vun der Lorraine ware verhënnert).

   Bei däer Diskussioun huet de Begrëff « Meuse-Musel-Saar » e Minimalkonsens kritt. Et huet sech awer séier erausgestallt, datt dëse Numm alles anescht wéi populär ass. Sou hu sech an enger spontaner Ëmfro vun der Saarbrécker Zeitung wäit iwwer 80% vun de Saarlänner dogéint ausgeschwat. Och zu Lëtzebuerg sinn d'Reaktiounen éischter negativ. De President vum nächste Sommet, de Ministerpresident Peter Müller vertrëtt zu Recht d'Meenung, datt d'Politik der Populatioun keen Numm duerf opzwéngen. Deem schléissen ech mech selbstverständlech aus lëtzebuerger Siicht un. Et soll een an deem Kontext och bedenken, datt de Begrëff « Groussregioun Saar-Lor-Lux » bei eis eng Gewunnescht ginn ass. Dat ass a bleiwt fir mech e wichtege Critère.

2. De Concours ass, wéi gesot, organiséiert gi vun der saarlännescher Présidence a vun der Journalistenorganisatioun IPI. D'lëtzebuerger Regirung war weder inhaltlech nach finanziell direkt doru bedeelegt.

3. Estimatiounen, wéivill d'Aféiere vun engem neien Numm géng kaschten, gëtt et net. Ech sinn awer der Meenung, datt dat och en Thema ass, wat an déi Diskussioun do soll eragräifen. D'lëtzebuerger Regirung wäert jiddefalls keen Euro ausgi fir en abstrusen Phantasienumm.